# Komm Hëllef mat !

## … fir eng Regioun voller neier Energie



**Energie-Infoline**
**26 62 08 01**



Léif Awunner aus de Gemengen: Biekerech, Ell, Groussbus, Préizerdaul, Rammerich, Réiden, Säll, Useldeng, Viichten a Wahl. Dir wëllt:

- nei bauen – am Holz oder massiv, ökologesch, ëmweltfrëndlech a virun allem gesond?
- renovéieren – a wësst net mat wat fir engem Material, well dir fäert Schimmel ze kréien?
- eppes fir d'Emwelt an d'Zukunft vun eise Kanner maachen?

**Dann ruft un: Energie-Infoline 26 62 08 01**

D'Sonn schéckt eis dat 10.000-facht vun deer Energie, déi mir pro Joer op eiser Äerd brauchen!! Ouni dass dat och nëmmen 1 € kascht, ouni d'Ëmwelt ze belaaschten, ouni Krich. An dat nach fir schätzungsweis 5 Millioune Joer.
D'Solarenergie ass also mat dat Bescht wat eis geschéie kann, loosst mer se notzen!!

Nidderegenergie- a Passivhaiser sinn an e puer Joer Pflicht, dann duerf näischt Aneres méi gebaut ginn. Performant Lëftungsanlage suergen dofir dass d'Haus geléft gëtt.

Ee Bannebotz op Kallék- oder Lehmbasis wierkt Wonner, wann et drëms geet d'Loftfiichtegkeet ze reguléieren a Schuedstoffer eraus ze filteren.
Informéiert Iech souwuel beim Neibau wéi och bei der Albausanéierung iwwert dës dausende Joren al Materialien…

D'Holz ass eng lokal Energiequell déi, sou laang mir de Bësch nohalteg notzen, $CO_2$-neutral ass, d.h. dass beim Verbrennen net méi $CO_2$ fräigesat gëtt wéi de Bam während dem Wuessen aus der Loft opgeholl huet.

Modern Stéckholz- a Pelletsheizungen sinn also déi wiesentlech besser Wiel géigeniwwer Masutt…

Ären Heizkierper um 2te Stack gëtt net richteg waarm, Är al Heizungspompel brauch zevill Stroum well se ronderem d'Auer dréint? – Da kontaktéiert Ären Heizungsinstallateur fir en hydrauleschen Ofgläich vum Heizungscircuit an den Tosch vun deer aler Pompel. Dës minimal Investitioun bréngt bis zu 15% Erspuernis.
**Et mussen also net ëmmer riiseg Ausgabe gemaach gi fir Energie a Geld ze spueren…**
**Fir all dës Froen a Gedanken hutt Dir den Energieatelier zu Réiden an der Grouss-gaass.**

---

**Mir sinn Är GRATIS Berodungsplaz fir all är Energiefroen, dofir zéckt net a kontaktéiert eis!**
**Marc Neu - Energieberoder**

---

**Energieatelier asbl**
33, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 - F +352 26 62 08 02
info@ksm.lu - www.ksm.lu

Komm Spuer Mat … fir eng Regioun voller neier Energie
ClimEEC ECO · EXPERT · CLUSTER
L'Union Européenne investit dans votre avenir.
Interreg IV-A Großregion · Grande Région
d'millen
myenergy infopoint